N°1324
Entrée le 11.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Elisabeth MARGUE, Ministesch fir d'Justiz, op d'parlamentaresch Fro n°1324 vum 9. Oktober 2024 vun dem honorabelen Deputéierten Här Dan HARDY**

1. D'Modalitéite vun der Entschiedegung sinn haut net ausdrécklech an engem Règlement präziséiert. Et ass virgesinn dëse Punkt per Gesetz oder Règlement explizit ze klären.

2. Bei der Fro vun der Zoulässegkeet vu Fotoen oder Videoen, déi en Zeien an enger privater Wunneng oder op engem privaten Terrain mécht, applizéiere sech déi generell Reegele vum Schutz vum Privatliewen a vum Dateschutz, esou wéi si notamment am Gesetz vum 11. August 1982 iwwer de Schutz vum Privatliewen (*loi du 11 août 1982 concernant la protection de la vie privée*), am europäesche Règlement iwwer den Dateschutz (*Règlement (UE) 2016/679 du Parlement européen et du Conseil du 27 avril 2016 relatif à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel et à la libre circulation de ces données, et abrogeant la directive 95/46/CE (règlement général sur la protection des données*), wéi och an den nationale Gesetzer iwwer den Dateschutz (haaptsächlech d'*loi du 1er août 2018 portant organisation de la Commission nationale pour la protection des données et mise en oeuvre du règlement (UE) 2016/679 du Parlement européen et du Conseil du 27 avril 2016 relatif à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel et à la libre circulation de ces données, et abrogeant la directive 95/46/CE (règlement général sur la protection des données), portant modification du Code du travail et de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État)* stinn.

3. Et geet hei ëm den Artikel 1382 a folgend vum Code civil. Wann d'Parteien sech net eenz sinn, wat den Ëmfang an de Montant vun de Schied betrëfft, mussen dës vum Geriicht festgeluecht ginn, gegeebenenfalls op Basis vun enger Expertise.

Lëtzebuerg, den 11 November 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue